AB VII 1

An eiser leschter Sendung hate mir erzielt wéi eisen Zwangsrek- ABBES a russesch Gefangenschaft kom war. Bei ~~Königsberg~~ am Kessel war den Abbes nach méi bei der Artillerie; seng Abteilung ~~hat~~ keng Kanounen mé an di verbleiwend Kanounéier si bei d' Infanterie kom. Et war de ~~24ten~~ Abrël 1945 muerges um 6 Auer precis wo dat russesch Trommelfeier op déi preisesch Stellungen lass gang. Genau 4 Deeer nomelles huet Trommelfeier opgehalen an den Artillerie beschoss huet sech no hanne verluecht. Fat war d'Zeichen dass de Russ ugefangen huet ze stiermen. No enger Stonn sin d' preisesch d'Zaldoten no hanne gewieselt an dobei geruff: Die Panzer kommen, die Panzer kommen.

Den Abbes awer bleiwt a sengem Bunker sëtzen, zesummen mat engem Preiss an 3 Verwonnten. D'Frontgrüne waren elo eidel an wie lang den Iwan erwart des Wardezeit huet d'Nerwen ääl erbeigelott. Schliesslech weint e Russ sech, den Abbes laat an der Tëschenzeit seng Flint kurz a kleng gedlaan an nodéim dem Linnen alles ofgeholl gi war a besonnesch d'Auereen gi si no hannen laun d' Front geschéckt. Den Abbes schreiwt dann

Kurz virun Fischhausen sinn mer gesammelt ginn.We' mer ongefé'er ze honnert Mann zesumme woren sinn mer iwert d'Hâptstross vun Poste beglét ginn.T'russesch Truppen dé an die e'sch Linnen gâng sinn ,sinn langschtgefuer. Dé woren allerdengs net gutt op ons ze spriechen. Wann én vun de Gefângenen gutt Stiewelen unhât, krût en se direkt vun de Fe's erofgezunn. Entweder krûten se âl Geieköschten oder sie sinn buerfo's weidergelâf.Ech hât och Stiwelen mâ sie woren bis un t'Wueden mat Lehm an Dreck beschmiert.Eso' eppes huet de Russe néischt gesôt well se t'qualite't vun de Stiwelen nött konnten apprézié'eren. Mâno an no ass den Dreck ofgebreckelt an du huet et ugefâng gefe'erlech ze ginn.Ech kunn kurzerhand mat enger Konservebechs dât iewescht Lieder durechgeschnidden an duerno meng Bocks driwergezunn. Eth hât Chance.Et hât en Iwan gekuckt mä we' e gesinn huet dass se futti woren huet en se net wollt.An ech hât och guer neischt doge'nt.Et konnt én och emol nach eng erwöschen vun den Saldoten dé op der Stross langscht gânge sinn. Am uergsten wore ~~nach t'Fraleit.Et ass e Camion mat Flöntewei-~~
ber langscht ons Kolonn gefuer.Do sto'ng eso en Déer drop dât matt enger eisen Ketten nueren eso an de Ko'p geschloen huet.Eso eng ~~Kallbass~~ Ketten ass nach lang neischt gudds, gemoat op den Kallbas

Fischhausen op eng Wiss gedriwen hunn."Dawei spatsch" (elo gött geschlof) huet et gehéscht.Eng sche'n Perspektiv ! Eng Abrölnuescht op enger ostpreisescher Wiss ass alles we' nött warem.Mir hunn ons an t'Wiss geluecht an e puer Minuten duerno hunn mer scho geronkt. Ge'nt der Dâg hunn mer d'Aen opgeschloen.Mir woren all gereift an hunn geschnaddert vu Kélt. Mir mussen Zo'wuess kritt hunn well mir woren ongefe'er ze zwé dausend. Eng hallef Stonn me' spe't krûte mer ze 5 mann e Kachgeschirrdeckel voll Graupenzopp a 4 Steckelcher gedrechent russesch Bro't. Dat sollt fir de ganzen Dag sinn.Mir sinn an enger Reih op der Stross opgestallt ginn a gezielt ginn. En he'cht De'er huet gefrôt ob Ausländer önner ons wären. Sie sinn gezielt ginn an dobei ass et bliewen. Du krûte mer matgedélt, dass mer elo e klenge Marsch vun 80 km bis op Koenigsberg ge'nge mâchen. Bis owends misste mer do sinn. Dât wore sche'n Aussichten wann én seng Verpflegong schon all eran hât. Duerno huet de' lang Kolonn sech a Bewegong gesât.Ech hât onglecklecherweis engen Viermann an t'Fierschte getröppelt.Dén huet sech ömgedre't an huet mech Schömmel a Bless vernannt. Eso ongefe'er: Du ho'ere sau Preiss, wann dât der nach eng Ke'er virkönnt da kriss de eng an t'Schnuddel dass de krepe' erst! Dât wor zimlech deitlech.Ech hunn em eng bei t'Köscht ginn a sät dât elo ass fir de Preiss! Op de' Mane'er hunn zwé Letzeburger sech fond.No a no hunn mer nach Letzeburger fond.Zu gudder Lescht wore mer zu enger hallef Dozend.

Die e'scht 30 km ass et relativ gudd gângen. Mä du ko'm den Duescht an duerno huet de Mô schon eröm gekno'tert.A lues a lues och schon t'Middechkét.Mir hâte nach emmer gudde Courage well ons eng Rascht no 50 km an Aussicht gestallt ginn wor.Et ass gelungen, t' Kilmeteren ginn emmer me' lang. Bei der e'schter Rascht wore mer schon dätsch. E Gleck dass do och eng Bâch gelâf ass.So' konnte mer de Kapp an t'Wasser zappen an drenken. En hallef Stonn, huet et gehéscht, könnte mer ons an t'Gras sötzen an iessen.Iessen, wor gudd gesôt!.En dén nach e Rimm hât huet en beigezunn. Ech hunn mech opt Seit an t'Gras geluecht well wann én sech schwéssswarem an t'Gras sötzt riske'ert én e sche'ere "Koppasch",wé en op letzeburgesch sét, ze kre'en.

Et ass eröm weidergângen. Vun elo un hunn die méscht sech nure me' geschléft. Et huet én sech misse beihâlen well et wor gefe'erlech op der Streck ze bleiwen. Et huet én riske'ert eng Bô'n zweschent t'Röppen ze kre'en.T'Russen hunn net gär Fissamatente gemâcht.

Nach zwé mol hunn mer eng Rascht gemâcht, eng op;der Streck an eng âner kurz virun Koenigsberg.Die lescht Kilometer hunn mer nach e Letzeburger quasi gedroen.Koenigsberg huet m miserabel erausgesinn.Eng Ruin un der âner. Hei an do huet én e puer preisesch Fraleit gesinn de't Strosse propper gemâcht hunn.Mä sie hunn kén Wuert geschwât.

Et ass schon deischter ginn we' mer an e Kasärenhaff ,5 km:hannert Koenigsberg erangetrascht sinn.Direkt hunn mer ons op de Buedem geluecht. No zwo' Stonnen an nodem mer t'Täschen nach émol eidel gemâcht kruten konnte mer ons an de Kummeren op de Buedem léen. Decken sinn et nött ginn. Mir wore gleich ewech.

Dén ânere Muergen sinn mer opp den Haff erausgetratt. Mir krûten ze zwé Mann eng Nélsche'erchen an hunn ons missen gegeseiteg t'Hôr schneiden, an direkt bis opp t'Schwârt. Dât wor warscheinlech dat amüsantst wât mer an déne leschten Dég erliewt hâten.Duerno sinn mer ons mat teinture d'Iode an ons Koppesch matt kâl Wâsser soigne'ere gângen.Eng Woch sinn mer nach eso' dorömmer gehumpelt. T'Auslänner,önner âneren t'Letzeburger hunn sech eso' lues zesummefond. Mir wôren eng gudd Dozend a wôren dorunner erkenntlech,dass mer ons letzeburger Fiendelcher op t'Kâp gespengelt hâten. De Kascht wor nöttdeck: 500g Bro't(Kammössbro't) an zwo Lönsenzoppen ( ongefe'er 40 bis 60 Lönsen) an enger Konservebechs den Dâg.

Koenigsberg wor en Durechgangslager.Vun do ass all Dâg e Convoi an en ânert Lager dirige'ert ginn. Mir hâten schons e Sträppchen do végéte'ert.We' den 9. Mé 1945 nuets e " Feu d'artifice" lassgângen ass(Leuchtpatro'nen etc) hunn mer gemierkt,dass de Krich eriwer wor. Et wor e sche'nt gefill an trotzdem wore mer nött eso' Keng ons gro'ss Hoffnongen ze mâchen. ~~Et ass eso'virun gângen we' et virdrun wor.~~

All Dag sinn mer an Arbechtskommandoen agedélt gin fir t'Munitio'n aus de Bunkere vu Koenigsberg eropzeschléfen.

E gudden Dag huet et gehéscht mir ge'ngen an en ânert Lager kommen. T'Letzeburger hun sech zesummengehâlen. Eng lâng Kolonn vun Gefângener sinn am Haff ugetratt. T'Letzeburger hunn 4 Reihen ze 5 Mann ausgemâcht.Dé Moment wo' dé Kolonn durch t'Puert geschratt ass hunn t'Russen nach en Arbechtskommando erausgeholt ginn. Zwo' Reihen vun de l'Letzeburger. Dobei wor ech natirlech och. Op dé Manéer sinn mer eröm vun onse Letzeburger Kollégen getrennt gin.

Allerdengs sinn mer dén âneren Dâg och op de Marsch gângen. 70 Kilometer sin mer getröppelt bis op Wehlau, wo' mer an engem gro'ssen Durchgângslager iwernuecht hunn. En gutt wässerech Zockerrommelszopp matt Getreips vun irgend engem De'er an e bunzegt Steck Ke's mat Mueden huet ons Moral och alt nach nött gehuewen.

Dén ânere Muergen hunn mer ons an aller Perdsfre'h missen am Adamskostüm an eng lânger Reih opstellen. Du sinn mer dann önnert dem kritesche Bleck vun enger russescher Dokterin gemustert ginn. Dât ass eso' virunsech gângen. Et ass én virun der Dokterin stoe bliwen. De' huet mat der rechter Hand e Bâk vum Pupes gefillt an dann huet se eng Nummer 1, 2, oder 3 gesôt de' op e Blât Pabeier geschriewen ass ging. Sie huet warscheinlech gekuckt ob vill oder we'neg Loft an déne Bake wor

Handwritten margin notes: Néscheierchen; Bloderen; Bloderen

X De Krich wor awer eriwwer. Letzebuerg wor schon zenter September 1944 befreit ma des Letzebuerger Jongen lougen an de Ruinen vun Königsberg, woren meescht vun Doktoren an dei [illegible] woren meescht vun [illegible]. Bei enger kuerzer Musek konnte mer ons verschiffen [illegible] Gedanken an des Situatioun eran ze dinken.
Den Attes schreiwt weider:

ABVI 4

... . Ech wor natirlech eng Nummer 1. 1 wor wahrscheinlech e'scht Qualite't, 2 eng möttler Wuer an 3 e Bazarsartikel.

Duerno sin mer eröm op t'Rés gângen. No e puer Kilometer sinn mer op freier Streck an Ve'hwén geluede gin. Acht Pärd oder 45 Gefângener sin an é Waggon gângen. T'Iwerliechten woren ganz dekorativ matt Stacheldrôt zo'gemâcht. T'Diere sinn zo'gespart gin an duerno ass den Zuch ôfgedampft. Zwémol am Dâg sin mer gezie'lt wo' én all Ke'er e Gewierkolben an de Reck kruet wann et hinne nött séer genuch gângen ass. An der e'schter Nuecht ass e Preiss durch eng Luck ugedreckt. Den ânere Muergen ass dât natirlech gemierkt ginn. Eng dozend Mol ass gezie'lt gin mä et ass nie én beikomm. t'Tawaritschen hâten natirlech eng fatzeg Roserei an et ass och nött o'ni Knuppen ôfgângen. No zwo' Stonnen ass den Zuch weidergefuehr an onse Waggon kruet dén Dâg neischt z'iessen an neischt ze drenken Als WC wor önnen an der Dier e Lach vun 10 cm op 10 cm erausgesét. Et huet én sech natirlech am Waggon selwer, eso noh we' me'glech beim Lächelchen. Duerno ass dann alles mat engem Bengelchen erausgesto'ss gin. Wasserspülung hunn mer ons missen denken.

Den drötten Dag sinn mer ze Valga a Lettland ukommt. Mir hâten all e gehe'regen Duescht well mer nure mat gedrechent Bro't an Dörrgemüsezopp mat gesolpert Gésseflésch ( mé' Salz we' Flésch) gefiddert gin woren. Endlech krûte mer e puer Emere wârm Wâsser, de' un onser Lokomotiv gezâpt gin woren, durgestallt.

Duerno sin mer an e gro'sst Lager ageliwert ginn. 14 Dég hunn mer do an enger extra Quarantänsbarâk verbruecht. De Kascht wor me' fir d'Aen we' fir de Mô. Et go'f muerges, môttes an owends en halwen Rondel Bro't an eng herrlech Wâsserzöppchen. Ech soen herrlech well dé Zöppchen eso' sche'n ze kucke wor. Uewendrop sinn sche'n giel Bettséchesblummen geschwommen an der Mött woren 40 bis 50 Hirsekären an önnen am Fong 1 bis 2 He'erenskäpp. (~~E Fiançailles iessen~~)

No déne 14 Déd sin d'Auslänner vun de Preisse gesönnert gin. Mir woren Seignören well mir hunn nött därfe schaffen an dofir hunn mir och kén Tubak kritt.

E fre'e Muergen sinn mer zesummegeruff gin. T'Russen hunn ons matgedélt mir ge'ngen direkt entlaust gin. Duerno ge'nge mer an en ânert Lager transporte'ert gin wo' mer nei Kléder ge'nge kre'en an duerno entlôsst gin. Ech muss soen mir hunn Gesichter gemâcht we' e gebrodene Pânech. Me' spe't krûte mer e klengen Dämpfer opgesât we' e Posten ons gesôt huet mir ge'ngen op Moskau an e franse'cht Lager fuehren. Dât wor fir ons nött de' richteg Richtong. Dâg an Nuecht sin mer gefuehr bis onsen Zuch an der Gare vu Moskau stoe bliewen ass. E ganzen Dag sto'nge mer do an der Gare.

AB VI 5

Ge'nt Owend huet e Posten ons gesôt dât Lager vu Moskau wär opgele'st a mir ge'ngen elo op Tambow (500 km süd-östl. vu Moskau) kommen wo' mer nei Kléder kre'gen a wo' mer entlôsst ge'nge gin.

Du ass et alt eröm op t'Rés gângen. No ....zeg Stonnen sinn mer mötten an engem Bösch ôfgeluede gin. No en etlech Kilometer sinn mer dann am Lager vun Tambow ukommt. Do sin mer dann vun Letzeburger empfâng gin. We' mer erzielt hun t'Russen hätten ons gesôt mir ge'nge geschwönn entlôss gin hun se ons ausgelâcht an sie hun ons matgedélt, dass se schon 2 Jôr ge'ngen dorop wârden. Dât huet ons définitiv eng mam Hummer gin? Dobei ass et emol virléfeg bliewen, bis mer de 27. September 1945 mam letzeburger Fuendel un der Spötz de gro'ssen Hémwé ugetratt hun.

De 5. November 1945 muerges um 4 Auer sinn mer dann op der letzeburger Gare durch t'Sperr gângen.

Heimadden ass dese Bericht iwert engem letzebuerger Zw. sei Leidenswé um Enn. Dank senge schriftlechen Opzeechnungen war et ons méiglech a ~~7~~ Eninnerungen dese Calvaire mat ginlech genauen Détailler bei op R.D. ze erzielen

POSTES ET TELECOMMUNICATIONS
GRAND-DUCHE DE LUXEMBOURG
P&T LUXEMBOURG

**RECEPISSE DE DEPOT D'UN ENVOI**

☒ RECOMMANDE
☐ AVEC VALEUR DECLAREE

Timbre du bureau d'origine

A remplir par l'expéditeur

Expéditeur: J. WELRICH 21 r. Jean Wolter L-3544 Dudelange

Destinataire: Mr. Bernard Oswald Albert
6, rue Bragance
L-1255 Luxembourg

| Remboursement | Valeur déclarée | Poids |
|---|---|---|
| Montant de l'affranch. 180- | Service spécial | Signature de l'agent |

N° de dépôt 728

62-1995